ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 03/03/2025

Rapport de la commission de l'agriculture et des chemins ruraux et forestiers

Sëtzung vum 3. März 2025

Präsenzen

Present (Quorum 50% ≥6)	Entschëllegt	Nit oofgemëllt	Observateuren a Experten
Nico EICH (EB)	Emile SPLICKS (EB)		
Luc SCHOLTES (EB)	Rosie Brandenburger (CSV)		
Luc LESCH (EB)			
Jean-Paul VOSMAN (AZH)			
Paul MAHOWALD (AZH)			
Louis Malherbe (DP)			
Sandy WIRTZ (CSV)			
Romain GIRSCH (DG)			
Raoul KIEFER (DP)			

EB = Engagéiert Bierger, AZH = All Zesummen Helperknapp, DG = Déi Gréng

Dagesuerdnung

1. Begréissung a Präsenzlëscht
2. Approbatioun vum Rapport vum 02.12.24
3. Avis zu der Präsentatioun vun der Starkreenétude vun TR Engineering (Här Charel SCHMITZ, chef de projet)
4. Léierpad Fënsterdall
5. fräi Aussprooch
6. nächst Versammlung

Punkt 1 : Begréissung a Präsenzlëscht

De Präsident (Luc L.) huet d'Memberen vun der Kommissioun wëllkomm geheescht an d'Präsenzlëscht ass gefouert ginn. De Quorum vun > 50% vun den Memberen ass erreecht.

ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 03/03/2025

Punkt 2 : Approbatioun vum Rapport vum 02.12.24

De Rapport vun daer läschter Sëtzung vum 02.12.24 ass eestëmmeg ugeholl ginn.

Punkt 3 : Avis zu der Präsentatioun vun der Staarkreenétude vun TR Engineering (Här Charel SCHMITZ, chef de projet)

Méindes den 27. Januar 2025 huet eng Präsentatioun vun der Staarkreenétude vun TR Engineering ënnert der Präsenz vum Schäffen- a Gemengenrot, Vertrieder vun der Emweltkommissioun (Commission du climat et du développement durable) an der Agrar, Feldwee- a Bëschweekommissioun (Commission d'agriculture et des chemins ruraux et forestiers) zu Bruch an der Koll stattfonnt. De Här Schmitz vum Ingenieursbüro huet eng global Präsentatioun vun der Staarkreenétude an eiser Gemeng gemaach an ass op déi eng oder aaner Mossnahm am Détail agaangen. Fir d'Emsëtzung vun de Moossnahmen, déi no enger Prioritéitenlëscht gefouert sinn, muss nieft deem néidegen Budget och déi noutwendeg Genehmegungen vun den jeweilegen Administratiounen (zum Beispill: Emweltministère, Waasserwirtschaftsamt) ugefroot ginn.

De Vertrieder huet op Nofro vun de Memberen vun de Kommissiounen seng Zouso ginn dass deen kompletten Dossier giff zoukommen geloos ginn. Puer Deeg no der Versammlung haaten mir den Dossier och virléien an konnten dëst Dokument a Rou durchliesen.

An eiser Versammlung vun haut waren mir eis eenz dass daat ausgeschafften Dokument sëcherlech nit all Situatioun festgehaalen huet wou et an deenen läschten Méint mol Problemer mam Waasser gouf no Staarkreenereegnisser. De Luc L. haat puer Biller matbruecht fir der Kommissioun d'Situatioun no engem Staarkreenereegnis op der Bricher Millen an zu Beschdréf An Uerbech ze weisen. D'Gemeng huet festgestallt dass een bestehenden Kanal zu Beschdréf staark mat Wuerzelen zougewues ass an dësen gëtt vum Entrepreneur frësch gemaach fir een besseren Offloss vum Staarkreen ze garantéiren, donieft giff de Bau vun enger zousätzlecher Schléck op Héicht vun der Blummeninsel eng Verbesserung mat sech bréngen. Op der Bricher Millen war den Problem vum Oflaf vun der «Aeschbech» och nach op een Biberdamm zréck ze féieren.

Mir giffen dem Schäffenrot mat op de Wee ginn déi néideg Plazen nach eemol vum Ingenieurbüro kontrolléiren ze loosen iirt d'Dokument vun der Staarkreenétude faerdeg ausgeschafft gëtt.

ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 03/03/2025

Situatioun zu Beschdrëf An Uerbech

Situatioun op der Bricher Millen

Administration communale Helperknapp
2, rue de Hollenfels | L- 7481 Tuntange

commune@helperknapp.lu
+352 28 80 40 - 1

helperknapp.lu
helperknapp

PacteClimat
Ma commune s'engage pour le climat

Helperknapp, 03/03/2025

Punkt 4 : Léierpad Fënsterdall

Am Fënsterdall war virun enger Partie Joëren op Initiative vum Syndicat d'Initiative Boevange/Attert een Léierpad rondrëm de Fënsterdall ugeluecht ginn. Leider ass keen regelméissegen Entretien vum didakteschen Léierpad gemaach ginn an dësen ass op senger Längt vun ca. 2 km a kengem gudden Zoustand. Der Kommissioun hier Iddi wiir et fir an engem Gespräich tëschend dem Schäffenrot an dem zoustännegem Fierschter iwert de Projet fir d'Ernéierung vun dësem Wee nozedenken. Um Parcours ass och eng kleng Bréck déi misst ernéiert ginn. D'Schëlder mat den Informatiounen zu deenen eenzelnen Bamsorten sinn och futti respektiv feelen an missten frësch gemaach ginn, hei sollt een op eng Standardmooss vu Schëlder zréckgräifen. Eng weider Iddi wiir et d'Quellenfassung op engem Schëld schematesch duerzestellen an de Bierger sou méi no ze bréngen. De Projet giff sech och eventuell eegenen fir een gemeinsamen Projet mam Campus Helperknapp.

Verlaf vum alen Léierpad

Punkt 5 : fräi Aussprooch

De Luc L. huet matgedeelt dass de Feldwee «Follemersteck» zu Tënten am Laf vum Fréijoër vun der ASTA frësch gemaach gëtt.

Follemersteck

Donieft ginn mam Rëschtbudget eng Partie Weeër plazenweis frësch gemaach wou et gréisser Gléiser oder Schlaglächer ginn.

Punkt 6 : nächst Versammlung

Déi nächst Versammlung léen mir an eisem Whatsappgrupp fest nodeems mir een Retour op déi uewengenannten Punkten krueten.